Th.G.Verlag
Esch/S.Henri

1953 Nr.5

# Mausi,
## dre'h nach eng Ke'er!

Ulk an engem Akt v.M.R.

**Perso'nen:**

Tatta Ugeni, 4o-5o Johr
August, Hauskniécht
Mausi, hir Niéce } Studentinnen
Nelly, hir Fröndin, } Studentinnen
e Bre'fdre'er.

D'Steck spillt an engem Zömmer. Erfurdert sin: e Leileg, eng Nuecht kâp, Miél, eng Kaffismillen. Zigaretten an en Aeschebecher.

1. Szén, Mausy, Nelly

(Sie sötzen beim Dösch, sichen an hirem Portmoni, natirlech vergiéwens)

Nelly: "Leergebrannt ist die Stätt...)

Mausy (a Gedanken): Wa meng Tatta nömmen drop eräfällt!

Nelly: Wuran soll se da fâlen?

Mausy: Nervös): Elo hält awer alles op. Ech hun dir ewell schon 3 mol gesôt datt ech meng Tatta Ugeni ugepompt hun.... ah, de' Ke'er get se emol richteg ageséft!

Nelly (Lâcht): Schon eran, - du nidderträchtegt Steck!

Mausy: Dabo, siéf fro'h datt meng Tatta sech nach verschwindele le'sst, soss wir et eis ewell daks schlecht ergângen! - Mat Denger ass jo dach neischt ugefângen!

Nelly: Do geseis du emol erem datt mei Stammbaum vill me'schlau ass, we' dein Baumstamm. - Mä, wât hues du der Tatta dann ~~xxx~~ erem alles virgeschwindelt?

Mausy: De' ke'er ass et eng gesalzen. Ech lâche mir e Bockel wann se op de Leim gét.

Nelly: Na, ass et dann eso' gefe'erlech? We'vill wölls du dann derbei verdengen?

Mausy: Net we'neger we' 2ooo frs.

Nelly: Mill Harikat! Do sin ech awer och mat!

Mausy: Also pass op: Du wés datt d'Tatta Ugeni nömmen de Portmoni opmecht wann et hécht eppes ganz besonnesches ze önnerstützen. Durfir hun ech och missen e ganz besondere Schwindel erfannen, fir un de' 2ooo frs. ze kommen.

Nelly (Lâcht): Ech ahne schon! Dât ass bestömmt e Schwindel bei dém é schwindeleg get!

Mausy: Ech hun hir folgende Ke's geschriwen: Liebste, beste Tante! Deine Nichte Mausy hat eine glückliche Stunde gehabt. - Mein Geist machte einen Bauchsprung und fabrizierte gester Nacht, von 12-1 Uhr ein mechanisches Wunder!....

Nelly (önnerbrecht): Ech mengen bei dir ass d'Mechanik gesprong!

Mausy: Mä siéf dach stöll, ech sin jo nach net fèrdeg! - Also eine Wunderding, eine mechanische Jungfrau!

Nelly (lâcht): Hahaha! Wât wölls du mat dèr mechanescher Joffer?

Mausy: Mä du Virwötznues, lauschter dach nömmen! - Dieses ~~xxxxxxx~~ mechanische Mädchen ist eine fabelhafte Wahrsagerin. Und wer an ihrem Rädchen dreht, dem sagt sie die ganze Zukunft

Nelly: Mausy, hues du schon e Médche gesin, mat engem Riédchen? (lâcht) Ewell sin ech awer vollständeg iwerzégt datts du (weist op d'Stir) hei ouwen e Riéchen zevill hues!

Mausy (Dommt Steck, lôss mech dach a Ro'h! 't ass dach nömme ~~Sch~~ Schwindel! - 't muss dach eppes dreimol Dommes sin, soss fällt d'Tatta net drop eran. Ech hun also nach geschriwen, dât wir eng fabelhaft Erfindong an de' misst onbedingt bis haut den Owend om Patentamt ugemeldt sin, durfir braicht ech awer 2ooo frs., de' mir zo'fälleg fehle ge'fen. Sie soll eso' gutt sin a mir se gleich schecken.

Nelly: Ah!! Ewell hun ech kape'eert!

Mausy: Endlech! Du stöngs de' Ke'er op der Leitong!

Nelly (Lâcht): Nén, nén, we' könns du nömmen op dé Schwindel do! - E Médchen, wo' én dre'ht um Riédchen! - Nén, nén Maus, gléws du wirklech deng Tatta ge'f op de Leim goen?

Mausy (iwerzégt): De' gléwt mir alles, je gre'sser de Blödsinn, desto besser ass et! - - Ke'm dach nömmen de Geldbre'fdre'er, ech gin nach verreckt vun dém Warden! ('t klappt) Entrez! - (gét bei d'Dir) Dât ass en! (hölt dem Bre'fdre'er, dén erakönnt, en Telegramm ôf, de Bre'fdre'er sét Bonjour

a gét erem gleich ôf - d'Mausy reist den Telegramm op,le'sst
sech op e Stull fâlen)
Nelly:Wât ass Mausy, könnt ké Geld? -
Mausy:D' Geld könnt, - awer meng Tattä och!
Nelly:Tôtz dô, loss se dach kommen!
Mausy:Ech mengen du häss se net me' all! Meng Tatt könnt mat den
2ooo frs.fir dât gro'sst Wonner ze gesin, - an ech hu jo keng
mechanesch Joffer!! - - Wât mâchen??
Nelly:Du Mausy, gehei deng mechanesch Joffer ro'eg an den Drècksémer,
an ech de't bâl mengen du könns dech och gleich derbeiléen.
Mausy:Du hues recht,ewell hun ech ké Riédchen,ké Médchen a keng
Wahrsagèrin! neischt! glât neischt!! - A geseit de' âl Schach-
tel neischt, da kre'en ech och neischt! - ech si platt! -
(léft opgerégt op an ôf)
Nelly:We'ni soll d e' âl Beisszâng da kommen?
Mausy:Sie kann all Ablack kommen. - Nelly, dann höllef mir dach,wo'
huelen ech dât automatescht Panoptikum nömmen hir? - - Wann
net geschwönn Rettong könnt, dann ersaufen ech mech am Kuelenémer.
Nelly:We' hâts du dir dann dât Unikum geduecht?
Mausy:We' én sech eso' e Mupitz an der Phantasie denkt! Eng ganz ul-
keg Figur,mat engem nach me' verrekte Kapp.
Nelly:Wann et net me' ass! - Kuck emol, do baussen am Gart,do léft
jo eso' e mechanescht Panoptikum!
Mausy:Wién dann? - Den August?- Richtēg,dât ass eso' e mechaneschen
Aaf! - Dé Kèrel get meng mechanesch Joffer!(Lâchen)
Nelly:Net eso' se'er,- dén huet jo ké Riédchen fir en opzedre'en.
Mausy:Dât ass awer och eng Konscht, - mir dre'en en einfach mat enger
Kaffismillen op!
Nelly:Hahaha!Dât get e Bild! - Eng männlech Joffer mat enger Kaffis-
millen!(Lâchen)
Mausy(rifft zur Fönster aus):August! - August! Gusti! Komm emol erop!
2.Szén Vireg,August,
August(hannert der Bühn):Ejaaa!(könt nach net gleich)
Mausy:Wo' bleiwt dât Kame'l nömmen?(rifft nach eng Ke'er): August,da
komm dach!
August(urkomesch Hausdienerfigur,farwege Gilli,weiss Box,ro't Hohr,
könnt eran a lâcht,en ass ganz ulkeg geschminkt,lâng,deck Nues
a.s.v.) hié röselt sech förmlech vu lâchen):Hihihihi!-Hahaha!
Mausy:Wât hues de dann nömmen August?
August:Hihihi! Ick - ick- hihihihihi!
Nelly:Mä du Unikum,wât lâchs de dann eso' ble'd?
August:Ick -ick- ick habe was gesehen- Hihihi!
Mausy:Watt dann, da schwätz dach,du Dölepes!
August:Draussen auf dem Aeppelbaum da sitzt 'ne Katz und poussiert
mit 'nem Maikäfer! - Ick globe die zwei sind verliebt.Haha!!
Mausy:Haest du do nach Wirder! - An iwer eso' Dommhéten lâcht dén
Iésel! Also August,lauschter! Du bass mei Liéwensretter,meng
Tatta könnt an durfir musse mir e gro'ssartege Schwindel fa-
brize'eren.
ıst;Waaas? - Sie wollen mein ehrliches ~~Gesicht~~ Spitzbubengesicht
verhohnepipeln? Wie?
ıy:Nömme keng Angscht,'t ass en harmlose Stréch!- Wann e gelengt
da kre'e mer 2ooo frs vun der Tatta,dovun kris du der 2o. -
(zum Nelly)Nelly sich emol se'er e Leileg,eng Nuechtskâp a
Pudder.
Nelly:M.W.Machen wir. Ech ségen den August schoh an(of lenks)
August:Nun sagen sie mir blos was sie mit mir vorhaben.(ängschtlech)
Ick lasse mir net mit einem Bettlacken aufhängen.
Mausy:Wié schwätzt dann vun ophänken.Du ges jo nömmen an e Bett-
duch ageweckelt, an deng vîscht Fass get weis ugestrach.
August(get ömmer me' ängschtlech):~~Nee~~ Ne,ne,ick will nich - ick
schwimme ab!(wöllt fort)
Mausy(hält en zreck):August,Mönsch! siéf dach net geck! - Du göss
eppes ganz feines! - eng mechanesch -opgedre'te Joffer!
August(lâcht hart):Hahaha! Ick'ne Jungfrau! - Menschenskind,mit mei-
ner Visage blamiere ick ja das janze weibliche Geschlecht!
Da kann doch eene von euch,jungfräulichen Seelen sich in's
Bettuch wickeln lassen!
Mausy:Nén,dât gét net.Mir misse jo hei sin wann d'Tatta könnt.An
deng Figur passt émol ze gutt zo' dem mechanesche Schwindel.
August:Was he~~g~~est denn das überhaupt:mechanisch aufgedrehte Jung-
frau? Was muss ick denn da tun?

Mausy:Ganz ro'eg muss de sin,net wacklen,du dèrfs nömme schwätzen wann ech dech opdre'hen. - - ömmer sche'n durch d'Nues.

August:Nanu,ick hab doch keene Stimmritzen in meiner Schlangengurke!(weist op seng Nues)

Mausy:Fir 2o frs. kanns du dach secher emol durch d'Nues schwätzen.

August:Von wegen....

Nelly(könt eran,huet e Leileg.d'Nuechtskäp,d'Pudder,d'Millen) Hallo, alles ass do! Esp gur d'Kaffismillen!

August:Wofoor ist denn blos diese verrückte Kafeemühle?

Mausy:Domat ges du opgedre'ht we' e Propeller!

August:Aber Kinder,ich bin doch keen Zikoreeekaffee!(lâchen)

Nelly:'t ass gur net gefe'erlech,sötz dech nömme ro'eg hei op dein Tro'n!(setzt him e Stull vir riéchts,den August sötzt sech drop)

August:Na, der Tro'n ist aber sehr wackelig!

Mausy:Mâch dir keng Surgen,August! - Eso',elo emol an d'Klamotten' (weckelt den August ganz an d'Leileg,datt én d'Kléder net me geseit)

Nelly:Loftdicht muss en agerummt gin,datt neischt opfällt!(ze'ht d'Leileg fest un)

August:Au! Brecht mir doch keene Rippe entzwei!

Mausy:'t ass net eso' schlömm! - - Eso', elo nach d'Fass geweisst a gepuddert.Wann iéch gelifft Hr.August,mâcht d'Nues an d' Aen zo'.(sie pudderen allenzwé,den August dé pusst ganz gehe'ereg.)

Nelly:Ro'eg! Du pussts jo,we' eng ausrange'ert Jangelis-Lokomotiv!

Mausy:Als Mechanesch Joffer brauchs du jo keng Loft!

Nelly:Fir 2o Frs kanns de deng mechanesch Longen dach emol e we'ne pensione'eren.(de' 2 stin e we'neg zreck a betruechten den August.Dén ass weiss ewe' en Dueh vu Kapp bis zo' Fe'ss,e mecht en urkomeschen Androck.dén nach erhe't get durch seng Grimassen)

August:Menschenskinder,ick komme mir vor wie 'ne gebleichte Pellkartoffel.(Gelächter)

Nelly:Gutt gerôden! - eso' geseis de ongefe'er aus!

Mausy:An elo nach d'Nuechtskâp!(wöllt s'opsetzen)

August(wihrt sech):Halt,halt,Sehen sie mal bitte erst nach ob kein Fremdenverkehr drinn ist.

Mausy:Watt fir e Fremdenverkehr?

August:Nun,ick meene von wegen so(krätzt sech komesch um Kapp) Tuck,tuck,tuck ,mein Hühnchen!

De' 2(lâchen)Ah eso'!

Mausy:Bero'eg dech,August. d'Käp ass ganz frösch gewäsch!(setzt e s'op)

Nelly:Ewell geseit en aus, we' de Präsident vum Bäckerverein!

Mausy(lâcht):Dé get eso' photographe'ert! - Mä elo könnt nach d' Hâptsâch,d'Kaffismillen!(Gelächter)

August(ängschtlech):Ick lasse mir net ~~durch~~ für 2o frs.durch die Kaffeemühle drehen!(Gelächter)

Mausy:Du ges jo net durch- mä nömmen ugedre't.

August:Nun sagt mir mal ganz aufrichtig wofor der janze Unsin jemacht wird!

Mausy:Dât wés de dach!Datt mer de' 2ooo frs.vun der Tatta kre'en.

August:Nanu,wer gibt denn 2ooo frs für'ne Kafeemühle? Dat wär ja nach en grösserer Schafskopp wie ich!

Mausy:August'siéf elo ro'eg,du hues ~~xxx~~ ewell nömme stall ze hâle Komm Nelly,d'Médchen kritt sei Riédchen!(lâchen) sie bannen d'Mille fest.de Bueden muss ge'nt de Reck kommen.sie muss gut fest sötzen,datt én derno ro'eg drun dre'e kann.Nömmen d'Kir. därf önnert dem Leileg erauskommen)

Nelly:Hei hues de nach e Kilometer Schno'er,datt de Propeller net verreckelt.

Mausy:Nelly,hei höllef emol(sie ze'hen) ént-zwé- Ho-ruck-zuck! (den August fällt vum Stull,gro'sst Gelächter)

August(leit om Buedem,keimt):Hol der Taufel euer Ruck-zuck! Ick hab die Nese voll! (sie hiéwen en erem op)

Mausy:August,sötz dech ro'eg erem nidder,de' Ke'er gét et me' gemiddlech!

August(sötzt sech virsichteg):Dat will ick och schwer hoffen,sonst mach ick mit die mechanische Jungfrau Ladenschluss!

Nelly:August,hâl dech un! ént - zwé!(bannen alles fest)

August:Blos kén Ruck-zuck mehr!

Nelly(dre't un der Kirp):Grasarteg!- Dât dre't sech we' e Phonograf!
August(komesch,ängschtlech):Kann da hinten nix explodieren?
Mausy:Nömme keng Angscht!Wanns du sche'n ro'eg bass,da geschitt neischt.We' mir derno dre'hen eso' muss du äntwerten.
August:Was habt ihr blos mir mir vor?Ick sitz hier wi' en Affe auf 'nem Schneehaufen.
Mausy:Also August,pass gudd op.Du bass ewell eng mechanesch Joffer All Ke'er wann ech derno dre'hen muss du der Tatta eng Aentwert
August:Ja,wat soll ick denn sagen?
Mausy:Lauter Aentwerten de' der Tatta Fréd mâchen.~~Wkasxds~~ Wats de net wés,dât soen ech dir an d'O'er.Vir allen Dengen mîrk der datt d'Tatta net därf an Uecht huelen datts du e liéwege Mönsch bass!
August:Waaas!(wöllt opstoen)
Nelly:Rrrruhe!(dreckt en erem nidder)
Mausy:Vergiéss och net datt eng Joffer eng weiblech Stömm huet,durfir schwätz eso'vill we' me'glech durch d'Nues,we' e Phonograf. Hues de ewell kape'ert?
August:Ejaaa!
Mausy:Da mâche mir elo gleich eng Pro'f!
Nelly:Halt! D'Joffer ass jo nach net gedéft!Sie huet nach kén Numm!
Mausy:Dât stömmt,zum Donnerwiéder!we' solle mir dât Unikum nömmen nennen?
August:Ick wees einen Namen, ick nenne mir:Veronika mit die Zieharmonika!(Gelächter)
Mausy:Du bass jo verreckt!-Mir wiélen en noblen Numm,ongefe'er we'-we' - Halt,ech hunn en:Mir nennen d'Joffer Honolullu!(lâchen)
August:Ick komme mir ooch ganz luluförmig vor.Hahaha!
Mausy:Opgepasst!D'Generalpro'f gét un!(dre't önner Gelächter) Joffer,we' hécht der?
..(mat piepseger Stömm):Ho-ho-ho-(fängt op émol un ze lâchen) Hahaha!Ick lache mich noch einen neien Schlips!Hahaha!
Mausy:Eso' e Kallef,fällt elo schon aus der Roll!
August(lâcht nach ömmer):Der Name ist ja zum piepen!Zulumulu!Haha!
Mausy:Schôfskapp!Dât héscht Honolulu!
Nelly:Du ges zu Fierkelsgelly gemâcht,wann et derniéwent gét! ('t he'ert én Autohupen a Stömmen dobaussen)
Mausy(an enger Angscht):August fâl net aus der Roll!
August(drechen):Das Mädchen rollt nicht aus der Falle! -es hällt sich am Geländer fest!('t klappt fest)Herrein!
Mausy:Honolulu hâl se zo'. - Nelly mir get et schon däbreg an der Box vun e lauter Patent! - Entrez!

3.Szén Vireg,Tata

Tatta(kleng-stiédsgekléd,eng fröndlech,beweglech Perso'n):Hallo, hallo, d'Tatta Ugeni ass do!
Mausy(iwerdriwen)Tatta,meng le'v Tatta(Bés)
Tatta:Mausy,meng Mody!
August(op d'Seit):Wenn die 'ne Ahnung hätt von ihrem Mädy!
Mausy:Nén,wattang Fréd,dech emol erem ze gesin,Tatta! - - Mä du geseiss gutt aus!(hölt hir de Koffer an den Hutt of)
Tatta:Du net manner,meng kleng Maus,allerdengs deng Bâken sin net me' eso' ro't! Du schaffs dach secher net ze vill?
Mausy:Ech schaffen natirlech,an hei meng Fröndin schafft mat.Du erlabs dach datt ech virstellen:Nelly Wallek,meng Fröndin - - Meng Tatta Ugeni!- De' bèscht Se'l de' ech op der Welt hun! (Tatta an Nelly gin sech d'Hand)
Nelly:'t frét mech d'mildtäteg Hand vun der Tatta Ugeni drecken ze können.
Tatta:A mech frét et d'Bekanntschaft ze mâchen mat der Fröndin vu menger Niéce.Mausy,de' huet dir dach secher gehollef un dengem gro'sse Koschtwirk! (de' 3 stin emer vir lenks,eso' datt d'Tatta den August net geseit.)
Mausy: Wât fir e Konschtwirk memgs du dann?
Tatta:Du frés nach! Durfir sin ech dach nömme kom!-wegen denger fabelhafter mechanescher Joffer.
Mausy:Ah eso' - ja, natirlech!
Tatta:(iwerdriwen):Médchen,we' ech dei Bre'f krût,war ech platt! - ech si richteg heihiergeflunn, an elo weiss mir emol dât Wonner!
Mausy:D'Wonner ass do!-D'Häptsâch ass wann de' 2ooo frs och do sin!
Tatta:De' sin och do,mâch dir nömme keng Surg,a wann d'Sâch klappt da kriss du navell looo frs me'h!
Mausy an Nelly:Bravo Tatta!

Mausy:Dât soll mir en Ansporn sin fir âner Konschtwîrker!
Tatta:Datt den Himmel mir eso'eng Niéce geschenkt huet. -Ech hätt et nie fir me'glech gehâlen.
August(op d'Seit): Ick ooch net!
Tatta:Da weis mir emol dât Wonner! Wo' ass de' gro'ss mechanesch Wahrsagerin?
Mausi(mat theatralescher Pose):Tatta Ugeni,brédt dech vir op dé gro'sse Moment. -- ké Mönsch ausser eis,huet nach de' Sche'nhét gesin! Dre't iéch rumdibûm-- (dre't d'Tata em) Do sötzt se.
Tatta(erschreckt,schnappt förmlech no Loft)Ass d-d-dât de' de' mechanesch Joffer? -- We' de' eso' komesch ausgeseit!
Mausy:Awer Tata,dât ass jo grad d'Hâptsách derbei!D'Patentamt schreiwt:Mechanische Jungfrauen müssen sehr gediegen aussehen sonst zwecklos!
Tatta:Em Gottes Wöllen,de' geseit jo aus we' en Aaf an enger Schne'schauer!
August(op d'Seit): So'n Aeffchen,sagt zu mir Affe!
Nelly(zum August)Psst!
Mausy:Du geseit Tatt,eso' e mechanescht Médchen muss onbedengt vum Aaf ôfstammen,soss ass iwerhâpt ké Mechanismus dran.
Nelly(op d'Seit):Nén,nén,get de' Âl awer verkohlt.
Mausy:Mä Tatta,wanns du emol hir le'v Stömmchen he'ers,da schwöms du an Entzecken.
Tatta:Ass et wo'er?- Mä Mausy,ech biéden dech,lôss s'emol schwätzen. Oder soll ech et emol gleich sèlwer probe'eren?
Nelly:'t ass gefe'erlech dermat ze spillen,sie beisst eso'gur!
Tata(erschreckt): Net me'glech! - Mä, wo' sin dann d'Aen vun der mechanescher Wahrsagerin?(léft à komechem Bo' em se)
Mausy(mat Pose):Dât mechanescht Röppesteck schle'ft,et ass mat sengem Gésicht op enger Wiss hannert dem Vollmond.(Tata kuckt mat komeschem Escht op d'Mausy.dât sech kaum des Lâchens enthâle kann)
August(op d'Seit):Det hab ick gar net gewusst,dat hinter dem Mond noch Gras wächst.
Tatta:Dât ass jo direckten Zauber.We'ni könnt de Gésicht dann eren vun der Wiss hanert dem Mond?
Mausy:Eso'bâl ech hei un der Kîrp dre'hen.(Weist op d'Kîrp)
Tatta(emer me' erstaunt):Ech biéden Mausy, dann dre'h emol eng Ke'er.
Mausy:Gèr Tatta,Pass op,elo fällt de Gésicht vum Apelbûm!(dreht komesch) Honolulu erwäch!
August(dre't e purmol ruckarteg de Kapp,verdre't d'Aen,je opfälleger,desto besser)
Tata:Mausy,hâl mech un! - Nén, de' Aen sin zevill sche'n!
Nelly(steipt d'Tatta):Tatta, 't könt nach eppes vill me' sche'nes
Mausy:Sie erwächt mat engem Str'om vun looo feiereger Stèren.- Mir hun ewell direckten Anschluss mam Vollmond!
Tatta:Pass nömmen op datt se net fortfle't! (De' 2 kicheren)
Mausy:Ohni mei Wöllen fle'ht sie net fort. - Sie ass jo opgedre't!
Tatta:Dre'h se le'wer nach eng Ke'er op,Mausy,soss hupst se op émol dach fort.
Mausy:Dir zu le'f Tatta.mâchen ech alles.(Dre'ht erem,je me'd' Millen piept desto besser ass et, soss muss d'Mausy sèlwer nohöllefen mar"RRRRRrrrr")
Tatta:Kann sie da wirklech schwätzen?
Mausy:Awer secher!(mat Pose): Honolulu.begre'ss emol meng Tatta! (dre'ht)
Augist(mat piepsender Stömm):Guten Tag.Tante Eugeni.(verdre'ht de Kapp,schwätzt ruckarteg)
Tatta(hupst vu'Fréd):Mausy,hues de he'eren! - ach,we' le'f! -Mä sô, kann sie nömmen deitsch?
Mausy:Ja,wés de Tatta,d'Wiss hannert dem Mond,dât war virum Krich 14 eng deitsch Kolonie,durfir kann sie nömmen deitsch schwätzen,sie verstét awer letzeburgesch!
Tatta:Mausy dre'h nach eng Ke'er!
Mausy:Gèr Tatta,(dre'ht)Rrrrr! Honolulu.du solls d'Tatta nach en Ke'er begre'ssen!
August(we' virdrun):Gu-ten Tag,Tante Eugenichen!
Tatta(voll Fréd):Ei we' fein!-- ewell sét se schon"nichen" zo' mir!(komesch) Mausy dre'h nach emol!
Mausy:Gleich,Tata,awer den Aparat muss nach fir d'e'scht geschmirt gin.
Tatta:Watt fir en Ueleg brauchs de dann durfir?

Mausy:Kén Ueleg, nömme Kognac,(Lâcht op d'Seit)
Tatta:Wât? - get ~~dxxx~~ Dât Médchen mat Cognac geschmiert?
Mausy:Mä secher - Weil dat Kand eso'vill Géscht huet,durfir muss et mat géschtege Gedränker geschmiert gin!
Tatta:Ah jo - natirlech.(hölt de Portmoni,get dem Nelly en 100 frs.-schein)Da ge'h sich emol gleich e Liter Cognac)
August(quietscht vu Fréd) Kkkkkkst!!!
Tatta(dre'ht sech erschreckt em,kuckt op den August):A wât war dât do?
Mausy(ste'sst den August onbemîrkt an d'Seit):'t a-a-ass neischt, 't ass nömmen eng Schrauw gesprongen.(mecht sech un der Kîrp ze schaffen)
Tatta:Joffer Nelly,da gitt dach gleich de Cognac sichen,soss sprangen d'Schrauwen nach allegur!(nelly lâcht,durch d' Mött of)
Mausy:Na,Tatta,wât sés du zu menger Erfindong?
Tatta:Kollossal! - Hei sin 1000 frs. Akont.
Mausy(emärbelt d'Tatta): Du bass de' Bèscht,de' Treist an....
August(op d'Seit): Die dämlichste Tante.
Tatta(komesch):Mausy dre' nach eng Ke'er!
Mausy:Natirlech,mä wat soll sie der da verziélen?
Tatta:Vu menger Zukunft! - Ech stin nämlech op Freiersfüssen.
Mausy:Aha! Honolulu entschleier d'Zukunft bis un d'Stèren.
Tatta:Dajé dann dre' elo gleich nach eng Ke'er.
Mausy:(dre't) Honolulu,wölls du menger Tatta d'Zukunft prophezeien?
August:E-ja a a a - - -
Tatta:(iwerrascht)Watt héscht dat dô?
Mausy:Sie ass nach net geschmîrt - - - loss mer emol mat Dammp probe'eren(stecht em eng Zigarett an de Mond a fängt se un, den August grinst schon wann hién d'Zigarett geseit an ze't kräfteg Sträpp)
Tatta:(kent aus dem Staunen net eraus) Fömt de' mechanesch Joffer och nach?
Mausy:Mä Tatta,wonnert dat dech eso',haut des Dags fömt dach all médchen wat eppes op sech hällt.
Nelly:(kent era geläf) Hei Mausy,hei ass den Ueleg.
Tatta:Kanner da schet der Joffer emol eppes Géschteges an hiren mechaneschen Trîchter.
Mausy:Tatta den Damp muss fir d'e'scht wirken,durfir erlabt datt mir eis emol selwer de Géscht begéschtegen(drenke jiddrént 3 Gle'ser)
Tatta:Kanner,Kanner,get dât net zevill? Oder strengt d'Wahrsagerin iéch eso' un? - Da schmîrt d'Médchen elo och,söss sprangen nach me' Schrauwen.
Mausy:Ech fänke jo schon un ze schmîren.(schet dem August e Glas an,nodém et him d'Zigarett aus dem Mond gehollt huet.D'Zigarett lét et op den Aeschebecher. Den August verze't d'Gesicht an enger Fréd.
Tatta:Nanu,get de' elo geschmîrt? Ech hat gemengt hanne bei der Uergel.(d'Mausy schet dem August nach 3 Gle'ser an)
Mausy:Nén,Tatta,hei ass de wichtegsten Mechanismus,hei muss geschmîrt gin.
Tatta:Donnerwiérder,seift dât mechanecht Framönsch eso' vill Brenni?- Dât ass jo de' rengste Schnappsfabrek. - Dajé Mausy dann dre' elo nach eng Ke'er.(d'Mausy dre't) Honolulu,wölls du menger Tatta d'Zukunft prophezeien.
August:Eja a a ! - - Aber ich muss zu erst noch geschmirt werden. (sie gin him nach e Glas).
Mausy:(dre't) Rrrrrr,Honolulu we' lang liówt meng Tatta?
August:So lange - bis sie stirbt.
Tatta:E famo'se Witz!
Mausy:(ste'sst den August hémlech) Schôfskapp! Rrrrrrr, Honolulu, ech mengen we' âl get meng Tatta? We'vill Johr?
Tatta:Mausy dre' fest,datt ech âl gin.
Mausy:Rrrrrrrrrrr! We' âl? We' âl?(alles kuckt op den August)
August:Ick muss zuerst nochmals geölt werden.
All:(erstaunt) Eso' eng Frechhét!
Mausy:(op d'Seit)Dé Kèrel seift eis nach de ganze Liter eidel. (get him nach e Glas)
Tatta:Well awer flott,ech si gespannt we' e Prebli wann et schloe rént!
Mausy;(dre't) We' âl get d'Tatta Ugenie?
August: 336 Jahre.(gro'ss Gelächter)
Tatta:Médchen,kann dât me'glech sin?

Mausy:Natirlech, beim Honolulu ass alles me'glech!
Tatta:Gro'sarteg! 336 Johr, - eso' âl get jo keng Ko'h an der ganzer Gemeng.(Hupst an enger Fréd)Mausy,fro emol op ech e'weg âl Joffer bleiwen!
Mausy:Rrrrr! Honolulu bleiwt meng Tatta onbestuedt?
August:Nnnnein!
Tatta(an enger Fréd):Mausy hues de he'eren? Ech kre'en nach e Mann!
Mausy:Rrrrr! We'ni soll dann d'Hochzeit sin?
August:Das ist schwer zu sagen,da muss ick zuerst nochmals geschmiert werden!
De' 2) Eso' e Gauner! (gin him nach e Glas)
Tatta:(stellt sech mat gefâlten Hänn virun den August):Joffer, Bitte,bitte,we'ni soll d'Hochzeit sin? - Mausy dre'h fest,elo könnt d'Hochzeit! - - an dir Joffer Nelly,hölleft dach e we'ne un der Urgel! (sie dre'hen allen zwé watt se können)
Mausy:Honolulu,d'Hochzeit? - We'ni?
August:Tante Eugeni heiratet - nächste Woche Dienstag,nach Montag vor Mittwoch!
Tatta;Hues de he'eren Mausy? - d'nächst Woch ass deng Tatta eng Braut! - Wonnerbar!
Nelly(op d'Seit): De' âl get verreckt!
Tatta:Mody, fro s'emol we' mei Freier héscht!
Mausy:Dât solls de alles erfuhren,vergiéss nömmen d'Patentamt net an de' 2000 frs.
Tatta:Blo's keng Angscht,Médchen,du kriss dât duebelt,wann ech emol e Mann - e Mann - e Mann hun.
Mausy:Pass op,Honolulu wés we' en héscht! (dre'ht) Sche' Joffer, sôt eis we' der Tatta hire Freier héscht?
August:Er heist - heist - heist...
Tatta:Mausy dre'h nach eng Ke'er, d'Médchen tudelt!
Mausy:Rrrrr! Na, we' héscht en dann?
August:Er heisst ungefähr wie ich,mit Namen Zulumulu!(de' 2 lâche
Tatta:Wonnerbar! - Dén Num huet mir nach gefélt. - Zulumulu-Ugen we' dât klengt! - Sche' Fé,sôt mer elo och nach wo' mei Freie wunnt? (d'Mausy dre't)
August:Auf der grossen Blumenwiese,hinter dem Vollmond!
Tatta:(erschreckt) Allmävhtegen! Da kre'en ech jo e mondsüchtege Mann!
Mausy:Awer Tatta,wo' denks du hin? Hanert dem Mo'nd sin dach de' sche'nste Männer!
Nelly:Dât stömmt,dir gesit dach we' dât Médchen hei eso' sche'n ass,we' sche'n mussen dann ere'scht d'Männer vun hannert dem Mo'nd sin!
Tatta:Mausy frô emol op mein Zukünftegen sche'n ass,d'Joffer muss en dach schon hanert dem Mo'nd bege'nt hun!
Mausy:Pass op,du wèrds dech wonneren! (dre't) Ass den Hèr Zulumulu sche'n?
August:Er ist schön wie eine B-b-b-b-b
Tatta:(ängschtlech) Dre' me' fest,d'Kand tudelt!
August: Bu-bu-bu-bu
Tatta:(opgeregt)D'mechanesch Joffer tudelt nach me'! - Allez Joffer Nelly hölleft dre'en,se'er!(schet dem August e Glas Cognac an) Much dach emol deng mechanesch vischt - Dîr op! - - - Mausy dre'n nach eng Ke'er.
Mausy:Ech schésse schon!(de' zwé keichen)
Tatta:(stellt sech virun den August,schwärmeresch) Sô,Honolulu,ass mei Freier sche'n?
August:Wie eine Bu-bu-bu-bu(macht all me'glech Grimassen)
Tatta:Mausy dann dre' dach,en tudelt jo nach me'!
Mausy:Dat Médchen huet e Fimmel,ech dre'e mer jo bâl d'Aerm aus!
Nelly:Der Jômer huel d'Patent - mat dem Patent Fatzbeidel!
Tatta:Sie hält jo guer net me' op mat tudelen,Loss mech dach emol un den Propeller!(dre'en allen drei,urkomesch)
August:(jeitzt) Au! Au! Ihr reisst mir ja die Hosenträger kaputt!
Mausy:Oemmer fest! A wann d'ganz Joffer explode'ert.(dre'en ömmer me' se'er)
August:(hiéft sech'lues mam Stull hanneniwer) Hilfe! Der Propeller knackt!(fällt mat engem Krésch mam Stull zreck,alles durchernén) Ruckzuck!
Tatta:Wo' sin d'Pompiéen! D'Wahrsagerin gällt em!
Mausy an Nelly:(beme'en sech em den August,dén d'Bettduch an d'Millen lassgerappt huet) Mir si veratzt!

Tatta:(geseit den August mat der Kaffismillen,ganz entsât)Do - do - aus dem Médchen get eng Kaffismillen! - Du le'weger Zo'stand, d'Joffer Honolulu huet jo e gilet an eng Box un!(starrt op den August) Mä, dât ass jo eng mänlech Joffer! - Mensch,Mensch!- Bass du e Géscht?

August: (stét lues op,lacht,höllt d'Zigerett vum Dösch an ze't e pûr decker Sträpp,sét dann ganz ro'eg) Nén,ick bin der Hausknecht August! Ick bin die Drehorgel von dem Mausy!

Tatta:Wât! De' mechanesch Joffer ass eng Kaffismillen? D'Wahrsagerin ass e ganz gewe'nlechen Hauskniécht.

August:Bitte,bitte! Ick stamm doch von hinter dem Mond!

Tatta:Schwiéwelband! Eso' e Bedrug! An ech Iésel sin drop eragefall.

Mausy an Nelly:(falen iwer den August hir,rennen en mat Feischt) Du Se'âf! Du Rinotzerus! Du hues alles verdôden.

August:Au, au!(dre't sech em a ble'st hinnen den Damp an d'Gesicht) Ick hab für 2o Franken genug ausgestanden!

Mausy:Ké Sou kris de,du Kame'l!

Tatta:An du dach och secher net,du Patentfatzbeidel!Du - - - jé,jé, ech hun es genug. Mech geseis de net me' hei!

Nelly(Hällt se um Rack fest) Tatta,siéf net be's,et war jo nömmen en harmlose Spâss.

Mausy:(packt och un,d'Tatta ze't se wiert d'Bühn) Tatachen,siéf mer net be's!

August:(greift se och un de Rack)Tante Eugeniechen,nimm deinen Honolulu mit(Gelächter)

Mausy:Tattachen,verzeih,mir a memger Kaffismillen!

Tatta:(stét an der Mött vun der Bühn) Wat soll ech machen? Sie hu mech jo gehe'ereoh un der Nues eremgefe'ert. - Awer ech hun mech dach am méschten blame'ert,direkt lächerlech gemâch.

Mausy am Nelly:Tatachen! da bleiv dach bei eis.

August:(ze't en decke Strapp) Diskretion - Ehrensache! (Gelächter).

Tatta:Muss én jo bâl lachen iwer dé Witz,nach me' iwer de' mechanesch Kaffismillen.(weist op den August) Dé Kèrel huet seng Roll iwerhâpt brillant gespillt.

August:Junge,ick habe sie aber oooh brillant verkohlt! Hiehiehie! Sie sind ja verliebt - wie n'en saurer Hering!

Mausy:Tattachen,siéf mer erem gutt! (fâlt d'Hänn) ..tt.

Tatta:Also "Schwamm darüber". Ech verzeihen iéch alleguer!

All:Hurrah! Eis Tatta Ugenie soll liéwen

August:Ick wünsche jetzt aber offenherzig,datt se 326 Jahr alt werden!(Gelächter) Hahahaha!

Nelly:An datt dir e Mann kritt vun hanert dem Mo'nd!

Tatta:Kanner macht schluss mat èrem Ulk! - - - Awer Spâss bei Seit, ech hätt guer neicht derge'nt,wann d'Joffer Honolulu d'Wo'erecht gesôt hätt! - Wesst der,den Herrgott am Paradeis huet schon gesôt,datt et net gudd wier,wann de Mönsch eleng durch d'Liéwe geng!Ech hun nömmen eng Bedengong,e sche'ne muss et sin.

August:Wenns bloss das ist,dem ist ja schnell abgeholfen - ick bin ja noch ledig!

Mausy an Nelly:Maja Tatta!

Tatta:Eso' gesit dir grad aus! - Wann ech mech gär mat eso' engem Afegesicht bestuedt hätt,da wir et ewell lang geschitt!Mirkt iéch dât Här Honolulu!

August:Von wegen..... (op d'Seit) Altes Huhn!wer dich wollte.

Tatta:(zum Mausy) A Mausy dei Patent hun ech durchkuckt,mech fopps du net me' mat dengem "Mausy dre'n nach eng Ke'er".

All:(zesummen) Mausy dre' nach eng Ke'er!(gruppe'eren sech em Tatta,den August huet d'Kaffismillen an dre't)

August:Honolulu mit die Kaffeemühle!

All:Mausy dre'n nach eng Ke'er! (alles lâcht)

Vorhang

HR

6.9.1953

Preis vun 1 Roll 8 Frang

4 Rollen an 1 Môl Opfe'erungsrecht 75 Frang

Ofschreiwen a weiderverle'nen ass verbueden.